

N° XXXX

CHAMBER VUN DEN DEPUTEIERTEN

Gewéinlech Sëtzungsperiod 2018-2019

GESETZESVIRSCHLAG

Fir d'Upasse vum Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwert d'Sproocheregelung, dat mam Gesetz vum 23. Sptember 2018 erweidert gouf

(„PROPOSITION DE LOI portant modification de la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues modifiée par la loi du 23 septembre 2018 “)

* * *

Agereecht vum Här Fernand Kartheiser den 20. Februar 2019 a weidergeleet un d'Presidentekonferenz (XX.XX.XXXX)

Fir zoulässeg erkläert a weidergeleet un d'Regierung (XX.XX.XXXX)

Inhalt:

	Page
1) Sënn an Zweck vum Gesetzesvorschlag	1
2) Text vum Gesetzesvorschlag	5
3) Kommentar vum eenzegem Artikel	6

*

SËNN AN ZWECK VUM GESETZESVIRSCHLAG

(„Exposé des motifs“)

Dëse Gesetzesvorschlag huet den Zweck, d'Gesetz vum 24. Februar 1984 iwwert d'Sproocheregelung zu Lëtzebuerg, dat mam Gesetz vum 23. September 2018 erweidert gouf, eiser haiteger Situatioun vun der Méisproochegkeet an der Entwécklung vum Lëtzebuergeschen unzepassen.

Viru ronn 35 Joer huet d'Lëtzebuenger Regierung d'Sproochegesetz vum 24. Februar 1984 ënnerschriwwen, woumat eleng d'Lëtzebuergesch als Nationalsprooch vum Land definéiert gouf. Weider hält d'Gesetz fest, datt nieft dem Lëtzebuergeschen, Franséisch an Däitsch als gläichberechtigt administrativ a juristesch Sprooch genotzt gi kënnen a Franséisch awer d'Referenzsprooch vun eise Gesetzestexter ass. Den 23. September 2018 gouf d'Gesetz mat den Dispositiounen iwwer d'Gebäerdesprooch erweidert.

Wéi d'Gesetz deemools geschaf gouf, konnt ee schonn op eng beschreiwend Grammaire vum Robert Bruch zeréckgräifen, et hat een en Dictionnaire, dee vun der Lëtzebuenger Regierung

an Optrag gi gouf, an 1977 erauskoum an eng Orthographie, déi 1975 an engem Reglement festgehale gouf.

D'Lëtzebuergesch huet an deene vergaangene 35 Joer e grouse Sprong gemaach. D'Sprooch gouf weider standardiséiert an dokumentéiert. Och op digitaalt Hëllefsmaterial ewéi z.B. Spellchecker, Konjugatiounstabelle fir Verben, Deklinatiounstabelle fir Adjektiver an en offiziellen Online-Dictionnaire kann een hautdesdaags zeréckgräifen.

Wat d'Lëtzebuergeschcoursen an der Erwuessenebildung ugeet, huet d'Nofro an d'Offer am Laf vun der Zäit ëmmer weider evoluéiert. An op der Uni Lëtzebuerg ass et esouguer zu engem Master-Studiegang am Lëtzebuergesche komm. Ausserdeem besteet um INL d'Méiglechkeet, fir en Zertifikat a Lëtzebuerger Sprooch a Kultur ze maachen.

Och d'Regierung huet d'Wichtigkeet vun der Lëtzebuerger Sprooch als Kommunikatiouns-, Integratiouns- a literaresch Sprooch unerkannt a sech selwer d'Aufgab ginn, de Stewäert vun der Lëtzebuerger Sprooch ze stäerken an ze promovéieren. Et gouf de Poste vun engem Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch geschaf a ronderëm dësen en „Zentrum fir d'Lëtzebuergesch“. Dëse Kommissär – deen eng berodend Funktioun huet an d'Efforten am Hëbléck op d'Promotioun vum Lëtzebuergesche vun alle Ministèreen an Administratioune koordinéiere soll – huet an enger Stellungnam um Radio verdäitlecht, datt d'Uleies, vun der *Actioun Lëtzebuergesch*, dat dëse Gesetzesvirschlag opgräift, „eng raisonnabel Demande“ ass. D'Erklärung dofir ass déi, datt deemools nach net esou vill Leit d'Lëtzebuerger Schreifweis kannt hunn, wat haut awer anescht ass. De Kommissär mengt, datt et haut an deene meeschten Administratioune kee Problem méi dierft sinn, fir engem Bierger, deen op Lëtzebuergesch schreift och op Lëtzebuergesch ze äntweren.¹

Ënnert dësen Ëmstänn, wier et dann och un der Zäit, den Artikel 4 am Sproochegesetz, deen d'Formuléierung „dans la mesure du possible“ faasst, déi deemools sécher nach Sënn gemaach huet, nei ze formuléieren an der haiteger Situatioun unzepassen, fir eiser Méisproochegkeet an der Entwécklung vum Lëtzebuergesche Rechnung ze droen.

Déi nei Formuléierung entstaamt enger Initiativ vun der *Actioun Lëtzebuergesch*, déi op d'Diskrepanz tëscht dem Gesetzestext an der aktueller Situatioun higewisen huet.

*

TEXT VUM GESETZESVIRSCHLAG

Eenzegen Artikel

(„texte de la proposition de loi“)

Article unique

Le texte de l'article 4 de la loi modifiée du 24 février 1984 sur le régime des langues est remplacé par le texte suivant:

« Lorsqu'une requête est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, pour sa réponse, de la langue choisie par le requérant. La traduction des annexes, des citations et des documents de support, tels que des extraits de loi ou des documents techniques n'est pas obligatoire dans le contexte de la réponse. »

¹ Stellungnam vum Här Marc Barthelemy, Kommissär fir d'Lëtzebuerger Sprooch, um Radio 100,7; den 18. Februar 2019.

*

Kommentar vum eenzegem Artikel

(„Commentaire de l'article unique“)

Déi Fakultéit am Sproochegesetz vun 1984, déi enger Administratioun et erlaabt „dans la mesure du possible“ an där Verwaltungssprooch (Lëtzebuergesch, Däitsch oder Franséisch) ze äntweren, an där si ugeschriwwe gouf, gëtt duerch eng Obligatioun ersat („doit se servir“).



F. Neufeld